N°689
Entrée le 06.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.05.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Mee2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Den 10. Abrëll huet d'EU-Parlament eng nei Direktiv ugeholl, déi eng Reduktioun vun den CO2-Emissioune vu stättesche Bussen ëm 100 Prozent bis 2030 virgesäit.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Gesäit d'Madamm Minister vir, den Text esou wéi en elo vum EU-Parlament ugeholl gouf, ze ënnerstëtzen, oder wëllt Dir nach noverhandelen? Falls jo, op wéi enge Punkten? Falls net, firwat net?
2) Op wéi eng Manéier plangt d'Madamm Minister de Fuerpark vun den ëffentlechen a kommunale Busdéngschter an deem kuerzen Zäitraum un déi ambitiéis Virgaben unzepassen? Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi eng zousätzlech Infrastrukturprojete geplangt sinn a vu wéi engem Käschtepunkt bis ewell ausgaange gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N°689
Entrée le 11.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an der Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°689 vum 6. Mee 2024 vum éierewäerten Deputéierten Här Jeff Engelen iwwert "Réduction des émissions de CO2 des nouveaux bus"**

**Gesäit d'Madamm Minister vir, den Text esou wéi en elo vum EU-Parlament ugeholl gouf, ze ënnerstëtzen, oder wëllt Dir nach noverhandelen? Falls jo, op wéi enge Punkten? Falls net, firwat net?**

Dat europäescht Reglement dat den éierewäerten Deputéieren zitéiert gouf de 6. Juni 2024 am Journal Officiel vun der Europäescher Unioun publizéiert: *Règlement (UE) 2024/1610 du Parlement européen et du Conseil du 14 mai 2024 modifiant le règlement (UE) 2019/1242 en ce qui concerne le renforcement des normes de performance en matière d'émissions de CO2 pour les véhicules utilitaires lourds neufs et intégrant des obligations de déclaration, modifiant le règlement (UE) 2018/858 et abrogeant le règlement (UE) 2018/956*. D'Reglement ass ab dem 1. Juli 2024 applikabel.

**Op wéi eng Manéier plangt d'Madamm Minister de Fuerpark vun den ëffentlechen a kommunale Busdéngschter an deem kuerzen Zäitraum un déi ambitiéis Virgaben unzepassen? Kann d'Madamm Minister präziséieren, wéi eng zousätzlech Infrastrukturprojete geplangt sinn a vu wéi engem Käschtepunkt bis ewell ausgaange gëtt?**

2022 hunn an der europäescher Unioun Null Emissiouns Bussen schonn ee Véierel vun de nei ugemellte stättesche Bussen ausgemaach. Well d'Technik fir esou Null Emissiouns Gefierer bei de Bussen scho wäit ausgeräift ass an dës Gefierer virun allem an den urbane Räim noweislech zu enger besserer Loftqualitéit a manner Stroosse Kaméidi bäidroen, gesäit déi geplangte Revisioun vum uewen ernimmten europäesche Reglement fir, datt d'Hiersteller vu stättesche Bussen tëschent 2030 bis 2034 musse sécher stellen dat 90% vun de neie Gefierer Null Emissiouns Gefierer sinn. Ab 2035 mussen 100% vun de neie stättesche Bussen Null Emissiouns Gefierer sinn.

Deemno ass et fir ëffentlech a kommunal Busdéngschter net virgeschriwwen, datt bis 2030 d'Emissioune mussen ëm 100% reduzéiert ginn, mä spéitstens ab 2035 mussen nei stättesch Bussen Null Emissiouns Gefierer sinn. Et sief bemierkt datt dës Obligatioun fir d'Hiersteller och nëmme fir Bussen gëllt déi am Kader vum ëffentlechen Transport agesat ginn (Autobus) an deemno net fir déi klassesch Reesbussen (Autocar).

Enn Mee 2024, ware schonn 20,6% vun de 2.388 zu Lëtzebuerg ugemellte Bussen am ëffentlechen Transport (Autobus) Null Emissiouns Gefierer an dëst integral 100% elektresch Bussen. Bei den RGTR Linne sinn dëst aktuell bal een Drëttel vun den ugemellte Gefierer (435 vun 1.352 Autobussen).

Am Kader vun den RGTR-Ausschreiwungen ass et dem Soumissionnaire iwwerlooss sécher ze stellen, datt am Fall vun 100% Elektrobussen déi néideg Luedinfrastruktur entsteet. D'Käschten heivunner sollen am Präis vun der Offer mat abegraff sinn.

Lëtzebuerg, de 11. Juni 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit